PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:12, 29/05/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

A menge parlamentaresche Froen n°614, 1266 a 1484 hat ech déi zoustänneg Ministeren iwwert net bezuelten Avertissements taxés (AT) befrot a krut heizou detailléiert Tableaue mat Zuele presentéiert, déi opschléisse loossen, dass Problemer beim Andreiwe vun den ATen existéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Fir d'Joer 2019 an 2020, opgelëscht no Unzuel a Montanten
   - wéi vill Avertissements taxés goufen opgestallt?
   - wéi vill sinn der bezuelt ginn?
   - wéi vill sinn net bezuelt ginn?
   - wéi vill Avertissements taxés si fräiwëlleg bezuelt ginn, nodeems de Parquet saiséiert gouf?
   - wéi vill Ordonnances pénales goufen op Basis vun net bezuelten ATen geschwat?
   - wéi vill Ordonnances pénales goufe bezuelt?
   - wéi vill Ordonnances pénales si duerch Contrainte par corps geläscht ginn?
   - wéi vill Ordonnances pénales goufen ni bezuelt a si geläscht ginn?

2. Goufe vun der Regierung an der Justiz am leschte Joer Ustrengunge gemaach, fir d'Andreiwe vun den ATen ze verbesseren? Falls jo, wéi eng?

3. An der Äntwert op d'Fro n°1484 kann een am Tableau erausliesen, dass bei den Ordonnances pénales exekutéiert duerch contrainte par corps den Taux un Net-Residenten zimmlech geréng ass (+/– 10%). An de Fro n°614 hat d'Regierung geäntwert

   > "Ausserdeem kann de Parquet général fir Net-Residenten vun der kompetenter auslännescher Geriichtsautoritéit verlaangen dat lëtzebuergescht Uerteel ze exekutéieren."

   - Firwat ass dësen Taux iwwert d'Joren ewech esou niddreg?

- Fir d'Joren 2013 bis 2020, bei wéi vill ATen huet de Parquet vun enger auslännescher Geriichtsautoritéit verlaangt, dat lëtzebuergescht Urteel ze exekutéieren a wéi vill Recettë konnten esou agedriwwe ginn?
- Fir d'Joren 2013 bis 2020, wéi vill a wéi eng auslännesch Geriichtsautoritéiten hu vun der lëtzebuergescher Justiz verlaangt een Urteel am Bezuch mat engem onbezuelten AT am jeeweilegen Ursprongsland zu Lëtzebuerg anzedreiwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 29 mai 2020

Objet : Question parlementaire n° 2300 du 29.05.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen - Avertissements taxés

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés